



net eestëmmeg, mä mat grousser Majoritéit gedeelt ginn ass. An dat erkläert, firwat déi bishereg Virschléi iwwer eng Initiative populaire net zum Droe komm sinn: well mer fir d'Éischt müssen d'Verfassung op deem dote Punkt änneren. An eise Vorschlag vun enger globaler Revisioun vun der Verfassung gesäit och eng Ännerung an deem dote Sënn vir.

Einfach fir dat just kloerzestellen, dass do keng Mëssverständniss sech breetmaachen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Rapporteur. Mir géifen dann zum Vote iwwert d'Proposition de loi iwwergoen.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 6665

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

3-mol Jo...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- ...a 57-mol Neen.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers (par M. Marcel Oberweis), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Laurent Mosar) et Laurent Zeimet (par Mme Martine Hansen);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Eugène Berger), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- D'omat wär d'Proposition de loi ofgelehnt. D'Fro no der Dispens brauch ech lech jo wuel hei net ze stellen?

(Négation)

Voilà, da géife mer zum nächste Projet iwwergoen, d'Proposition de loi 6699 iwwert d'Ofhale vun engem Referendum iwwert de Mariage an d'Adoptioun bei gläichgeschlechtliche Koppelen. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Alex Bodry.

11. 6699 - Proposition de loi relative à l'organisation d'un référendum national sur l'ouverture du mariage et de l'adoption aux couples de même sexe

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.**- Jo, Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, bei där Proposition de loi hei 6699 vum Deputéierte Fernand Kartheiser geet et drëm, fir per Gesetz en nationale Referendum ze organiséieren iwwert d'Aféierung vum Bestietnis vu gläichgeschlechtliche Koppele wéi och iwwert d'Adoptioun duerch gläichgeschlechtliche Koppelen. Déi Proposition de loi hei ass de 17. Juni 2014 an der Chamber abruecht ginn. De 17. Juni 2014, dat war just een Dag, genau een Dag virun der Ofstëmmung hei am Parlament iwwert de Gesetzesprojet iwwert d'Reform vum Bestietnis.

Dat neit Gesetz, wat also d'Bestietnis opgemaach huet fir gläichgeschlechtliche Koppelen an ënner anerem och d'Adoptioun opgemaach huet fir gläichgeschlechtliche Koppelen, ass de 17. Juli 2014 am Mémorial verëffentlecht ginn an ass zënter dem 1. Januar vun dësem Joer 2015 a Kraaft.

Am Exposé des motifs der Proposition de loi gëtt gemengt, dass de Mariage pour tous eng kontrovers gesellschaftspolitesch Fro wär, déi et wäert wär, de Wieler am Kader vun engem Referendum ze ënnerbreeden. Den Deputéierten, den Här Kartheiser, widderhëlt dann eng ganz Rei vun Argumenter, Géigenar-

gumenter géint déi Reform vum Bestietnis, wéi mer se och schonn hei an der Debatt an der Chamber debättéiert hunn.

D'Regierung huet an hirer Stellungnahm op de Werdegang vum Gesetz higewisen an zum Ausdrock bruecht, dass eng Consultatioun ex post vun de Wieler iwwert de Prinzip vun där Reform, déi zënter laange Joren an der Diskussioun ass, net ubruecht wär.

De Statsrot hält, wéi et Traditioun ass, net zu der Opportunitéit vun der politescher Fro Stellung, mä e verweist op den Artikel 51 (1) vun eiser Verfassung, dee festleet, dass eist Land ënner dem Regime vun enger parlamentarescher Demokratie steet an dass politesch Décisiounen also am Prinzip duerch d'Chamber geholl ginn, de Referendum also d'Ausnahm soll duerstellen.

De Statsrot hält dann och d'Formulatioun vun der Fro selwer kritesch ënnert d'Lupp a formuléiert eng Opposition formelle, well an där Proposition de loi en Délai fixéiert ginn ass, an deem de Referendum soll stattfannen. Or, et misst en Datum vun engem präzise Referendumsdag an deen Text erageschriwwen ginn.

Virun allem weist de Statsrot awer och op eng Rei vu juristesche Schwierigkeeten hin, wann esou e Referendum géif duerchgefouert ginn, wa schonn dat Gesetz a Kraaft ass, well jo dann ënnert deem neie Gesetz eng Rei vu Bestietnisser an eventuell och Adoptiounen kënnen stattfannen, an da géif da méi spéit e Gesetz kommen, wat eventuell déi dote Gesetzgebung erëm eng Kéier géif a Fro stellen.

Virun allem widderhëlt de Statsrot seng bekannten Thees och, dass e Referendum op der Base vum Artikel 51 (7) nëmmen e reng konsultative Charakter huet opgrond vun eiser aktueller Verfassung an dass also och, wa souguer e Referendum géif Neen zu esou enger Reform soen, domadder net automatesch d'Gesetz ofgeschaaft wär, dass een also erëm eng Kéier frësch misst doropshi légiféréieren, fir dass dat Gesetz géif ofgeschaaft ginn, wann dann d'Meenung wär, et misst een deem konsultative Referendum stattginn.

Den 18. Mäerz 2015 huet d'Institutionskommission déi Proposition de loi diskutéiert. Se huet mech selwer als Rapporteur bestëmmt. An den 1. Juli ass de Rapport och eestëmmeg vun der zoustänneger Institutionskommission ugeholl ginn. An där Kommission war mer parteiwwergräifend zur Konklusioun komm, dass dës Gesetzsvorschlag ofzelehnen ass, an dat aus verschiddene Grënn.

Éischters muss een hei soen, dass am Virfeld vun der Ofstëmmung iwwert d'Reform vum Bestietnis hei zu Lëtzebuerg eng breet ëffentlech Debatt stattfonnt huet, eng ëffentlech Debatt hei net nëmmen an dësem Parlament, mä och am Virfeld an der Lëtzeburger Gesellschaft, wou all Kräften hir Positiounen duergeluecht hunn a wou de Pro a Kontra zu där Reform sech konnt ganz kloer ausdrécken.

Derbäi kënnt, dass dat hei, déi Reform, jo och net en Iwwerraschungsakt war vum Parlament oder vun der Politik, mä dass den Dépôt vum Projet de loi iwwert d'Reform vum Bestietnis op d'Joer 2010 zréckgeet, dass sech also d'Debatten iwwer véier Joer, souguer iwwer bal fënnf Joer higezunn hunn an dass während där doter Zäit also och jiddweree sech konnt eng Meenung maachen iwwert d'politesch Positioun vun deenen eenzelne Parteien an där doter Fro.

An och do ass kloer ze soen, dass d'Parlament hei mat 56 Jo- bei 4 Nee-Stëmme sech onmëssverständlech mat iwwer 90% fir déi Reform vun eise Gesetz iwwert d'Bestietnis an d'Adoptioun staarkgemaach huet. D'Majoritéitsverhältnisse waren also ganz kloer an et kann een net vun engem gespléckte Parlament an där doter Fro schwätzen.

Den zweete Grond ass deen, dass all Parteie sech an hire Wahlprogrammer vun 2003 (veuillez lire: 2013) kloer an där doter Fro och festgeluecht hunn: CSV, LSAP, DP, déi grëng, déi Lénk hu ganz kloer Jo gesot zu deene Reformen, déi dann ee Joer méi spéit gestëmmt si ginn. An d'ADR war déi eenzeg Partei, déi hei an der Chamber vertrat ass, déi kloer Neen zu där Reform do gesot huet.

D'Parteivertrieeder hu sech an der Chamber an och an hirem Vote net anescht verhalen, wéi se dat gemaach haten am Virfeld an hire Wahlprogrammer. Si sinn also deem trei bliwwen, wat se virun de Wähen och par rapport zu de Wieler gesot hunn, wéi se also hiert politesch Mandat kritt hunn, dat se dann hei ausgefouert hunn. An et kann een also d'Meenung vertrieeden, dass dee Referendum ëm déi dote Fro och eigentlech scho bei de Chamberwahlen vum Oktober 2013 stattfonnt huet.

Dat drëtt Argument, wat ee kann uféieren, ass dat, dass mer eis eigentlech och eens sinn - ech mengen, dat gëllt fir sämtlech Parteien, och wann déi eng méi retizent par rapport zum Re-

ferendum si wéi anerer -, dass mer hei net wëllen an e Schwäizer Modell erakommen. Mir hunn déi Schwäizer Kultur net, mir hunn och net dee politesche System, an deem eigentlech de Referendum e Bestanddeel vun engem ganze Fonctionnement vun engem Stat duerstellt.

Mir sinn also net der Meenung, dass ee soll all Joer zu enger, zwou, dräi Froen en nationale Referendum organiséieren, mä dass een dat soll maachen zu wichtige Punkten. An dës Koalitioun huet sech jo staark gemaach, fir e Referendum zu Verfassungsfroen duerchezéien; eng éischte Kéier zu kontroverse Froen, an dann u sech awer och zu dem Text vun der globaler Verfassungsreform respektiv zu enger neier Verfassung, wéi mer den Text elo genannt hunn.

E véierte Punkt, deen ee vläicht kann an deem heite Fall erbäizéien - dat gëllt net esou fir déi Proposition de loi virdrun -, dass een hei kann en internationale Verglach maachen. Et sinn eng ganz Partie Länner, déi an Europa op de Wee gaange sinn, fir d'Bestietnis opzemaache fir gläichgeschlechtliche Koppelen, fir och eng Reform vum Adoptiounsrecht an deemselwechte Sënn virzegesinn. Mä déi weinegst vun hinne sinn de Wee gaange vun engem Referendum.

Irland ass esou Fall, mä Irland huet dat misse maachen, well bei hinnen de Mariage eng Fro vun der Verfassung ass. Bei eis zu Lëtzebuerg ass d'Bestietnis keng Verfassungsmatière. Dat ass an Irland anescht an duerfir hu se missen iwwert de Wee vun enger Verfassungsännerung goen.

Mä all déi aner Länner, wann ech elo Frankräich kucken, wann ech elo d'Belsch kucken, Holland kucken, déi Länner, déi also viru Lëtzebuerg deen dote Schratt gemaach hunn an eiser direkter Noperschaft, esou war et esou, dass déi och ausschliesslech iwwert de parlamentaresche Wee gaange sinn an dat net iwwer e Referendum gemaach hunn. D'USA ass e lescht Beispill. Do sinn et eigentlech d'Verfassungsorganer: d'Verfassungsgeriicht, wat eigentlech deen dote Schratt virun e puer Wochen an engem bemierkenswäerten Uerteel geholl huet.

Eng lescht Bemierkung, déi ech wollt maachen - an deem heite Fall besonnesch, et gëllt manner fir déi Proposition de loi virdrun -, dat ass awer den Zäitpunkt, wou déi Proposition de loi hei gemaach ginn ass: wéi gesot, e Projet de loi iwwert d'Reform vum Bestietnis, dee véier Joer laang an der Diskussioun ass, an da kënnt d'Proposition de loi fir e Referendum ze organiséieren just den Dag ier déi ofschléissend Debatt an Ofstëmmung iwwert déi Reform vum Bestietnis hei am Parlament stattfënn!

Dat ass eppes, wat dach ongewinnt ass, muss ech soen. Et kann ee liicht den Androck kréien, dass dat éischer da méi en taktesch Manöver war, fir e Punkt ze setzen. Mä u sech ass et, mengen ech, net gutt, an och vun den Délaien hier, déi mer hei zu Lëtzebuerg kennen, wat d'Ëmsetzung vun esou Initiativen ugeet, fir esou no bei enger Ofstëmmung esou eng Initiativ ze huelen.

Ech mengen, esou Initiativen hunn eigentlech nëmmen eng Chance, och wierklech akzeptéiert ze ginn a kënnen duerchgefouert ze ginn, wa se wäit am Virfeld vun der decisiver Ofstëmmung iwwert d'Gesetz stattfannen, well soss hu mer eng Ofstëmmung vun engem Gesetz, mir hunn eng Mise en vigueur vun engem Gesetz, an dann doropshi géif dann e Referendum stattfannen. Dat ass eigentlech kee glécklechen zäitlechen Oflaf, wéi een esou Reforme sollt ugoen.

Also do, vläicht och a mengem perséinlechen Numm, meng Recommendation, an Zukunft dat doten am A ze behalen, wann een et seriö mengt mat esou enger Initiativ, fir dat dann awer och an engem Moment ze maachen, wou et eigentlech nach Sënn mécht, esou e Referendum zu esou enger Fro duerchezéien, wann dat d'Meenung ass, dass dat eng Fro wär, déi soll iwwert d'Wielerconsultatioun mat decidéiert ginn.

Ech mengen, wat mir och festgestallt hunn, dat ass, dass elo ee Joer, nodeem dat Gesetz gestëmmt ginn ass, dat Gesetz gutt en vigueur ass, dass et akzeptéiert ass, dass och dobaussen eng heftig Diskussioun net gefouert gëtt zu där doter Fro, ganz einfach, well awer kee Konsens, mä awer eng breet Zoustëmmung zu där doter Iddi do ass. A mir sinn och net der Meenung, dass ee mat engem Referendum do eppes sollt opwulle goen, wou elo eng grouss Akzeptanz do ass.

Aus all deene Grënn do schloe mer als Kommission vir, fir déi Proposition de loi Kartheiser ofzelehnen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Rapporteur. An d'Wuert huet elo direkt den Auteur, den Här Fernand Kartheiser.

Présentation

► **M. Fernand Kartheiser (ADR), auteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och ufänke mat engem Merci un den Här Bodry fir dee Rapport, deen en elo gemaach huet - ech wëll mech och do dem Här Reding uschlëssen -, och wann ech mat dem Inhalt vun deem, wat den Här Bodry gesot huet, net kann d'accord sinn.

Et ass eng Diskussioun, mengen ech, déi sech ganz gutt fir e Referendum prêtéiert, well se, mengen ech, u Grondfeste vun eiser Gesellschaft erugeet: Wat ass e Bestietnis? Wéi gëtt d'Famill geschützt? A wat sinn d'Rechter an d'Wuel vum Kand an eiser Gesellschaft? An et ass zu engem groussen Deel eng Diskussioun ëm d'Wuel vum Kand.

Virun enger Woch oder zwou Wochen hu mer en Text ratifizéiert iwwer en Zousazprotokoll fir d'Kannerrechtskonventioun vun der UNO, fir ze soen, wéi Lëtzebuerg dach beméit ass, fir d'Kannerrechter ze schützen, an datt mer ëmmer wëllen un éischer Front sinn. An ech mengen awer, datt dat Gesetz iwwert d'Homosexuellebestietnis an d'Adoptiounsmeiglechkeet fir d'homosexuell Koppelen a Kontradiktioun dozou steet.

Ech si mer och bewosst, wéi liicht et ass an der ëffentlecher Debatt, a vu ville Säite wäert dat och esou duergestallt ginn, fir ze soen, datt déi Leit, déi géint d'Homosexuellebestietnis sinn oder d'Adoptiounsrecht net akzeptéieren, datt déi homophob wäeren oder intolerant. An ech mengen, et ass richtig, fir dat zréckzeweisen. Et muss een och d'Recht hunn an enger demokratescher Gesellschaft, op d'Problemer opmierksam ze maachen, ouni mat Pseudomoral a vu pseudomoralesscher Natur kritiséiert ze ginn, mat deem But, fir dann net méi kënnen iwwert déi Sujeten ze schwätzen. Dat wär falsch.

Als ADR hu mer nämlech ganz sécher keng Attitüd gehat, zu kengem Zäitpunkt, déi sech géint homosexuell Mënschen adresséiert. Jiddweree fillt, wéi en dat wëllt. Jiddwereen huet déi sexuell Präferenzen, déi en eben huet. Et ass net un eis als politesch Partei, dozou Stellung ze huelen, mä et ass awer un eis, fir ze kucken, wa Rechter vun Drëtte beréiert sinn, an dat sinn nun eemol d'Rechter vun de Kanner, wat an deem Fall den etheschen Optrag vum Stat ass.

Mir hunn als ADR zum Beispill gesot, well mer jo och unerkennen, datt fir Leit, déi sech wierklech dauernd an enger Koppel wëlle bannen an d'Vertraue firenen iwwerhuelen, datt mer sollten de Pacs reforméieren an engem Sënn, deen dat besser méiglech mécht. Mir hunn also do eng Ouvertür gemaach, ebe just am Interess vum den homosexuelle Mënschen.

Mir wollten awer kee Bestietnis, well mam Bestietnis d'Familljerechter verbonne sinn, also d'Adoptiounsmeiglechkeet mat alle Konsequenzen. An ech kommen op eng Rei vun deene Konsequenzen zréck. An et wor do weinst, datt mer eis géint e Bestietnis adresséiert hunn an alternativ Propositione gemaach hunn.

D'ADR ass kohärent. Si ass eng Partei, déi dee méi schwéiere Wee geet, dee vun ethesche Wäertvirstellungen, déi se vertritt. Dat ass méi schwéier wéi politesche Lobbyen nozeginn oder deen einfache Wee vum politesche Mainstream anzuschloen. Mir trieden a fir Wäerter, an dat sinn dacks schwéier Debatten, Debatten, déi och net ëmmer direkt verstane ginn, mä déi eis awer um Häerz leien. A mir hu recht! Well wa mer d'Rechter vun de Kanner vertrieeden, da wäert ech herno nach drop zréckkommen, wat am Abléck leeft bei der PMA, bei der GPA, bei anere Problemer, wou d'Kannerrechter a Matleedenschaft gezu ginn.

De Prinzip vum Referendum. Ech wëll hei soen, datt och d'Regierung d'Homosexuellebestietnis wollt dem Referendum ënnerwerfen, an zwar iwwert de Wee vun der Verfassungsreform.

(Interruption)

An déi aktuell Verfassung, Här Bodry, si seet zwar net den „mariage“, mä den Artikel 11 vun der aktueller Verfassung - entschëllegt, Här President, dat ass fir déi ganz Chamber, net nëmme fir den Här Bodry -, mä dee seet jo: «L'État garantit les droits naturels de la personne humaine et de la famille.» Dat ass déi aktuell Verfassung.

Déi nei Verfassung, déi d'Regierung eis wollt virbereeden, déi féiert eppes an, wat et och net...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- D'Parlament.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR), auteur.**- D'Parlament. Merci! D'Parlament, pardon.



► **M. Alex Bodry** (LSAP), *rapporteur*.- ...virbe-reet.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR), *auteur*.- ... wat d'Parlament eis wollt..., a wat mat der CSV ausgeschafft ginn ass, déi seet eppes, wat souguer iwwert d'europäesch Mënscherechtskonventionen erausgeet, wat et an där Form soss nëierens gëtt. An dat ass an deem Artikel 38: «L'État veille au droit de toute personne de fonder une famille et au respect de la vie familiale.» Domadder gëtt also d'Homosexuellebestietnis am Verfassungsrang agefouert, an dann als Feigenblatt hannendru seet dann den Artikel 38: «Il agit dans l'intérêt supérieur de l'enfant». An dann ass an der Proposition am Artikel 16 Absatz 2 awer e Saz, deem u sech net ze versteoen ass an d'Dier fir alles opmécht: «Nul ne peut être discriminé en raison de sa situation ou de circonstances personnelles.»

Dat ass wäit iwwert dat eraus, wat an anere Länner existéiert, wäit iwwert dat eraus, wat d'Mënscherechtskonventionen virgesäit, déi nëmme seet: «Toute personne a droit au respect de sa vie privée et familiale», respectivement: «À partir de l'âge nubile, l'homme et la femme ont le droit de se marier et de fonder une famille.»

Dee Prozess, wéi et zu dësem Gesetz iwwert d'Homosexuellebestietnis komm ass, ass net esou demokratesch an esou transparent gewiescht, wéi en hei duergestallt gëtt. Et gouf praktesch keng öffentlech Debat. Et gouf eng Debat an der Chamber. Et gouf Lobbying vun interesséierten Organisatiounen. An an der Press huet een dat gehat, wat een zum Deel och beim leschte Referendum gehat huet, awer e Matraquage médiatique, e bëssen eng Pensée unique, déi sech do breetgemaach huet an déi een ëmmer erëm mierkt, wann een op dat heiten Thema ze schwätze kënn, datt et bal net méiglech ass, en abweichende Standpunkt do ze vertrieden.

Déi Behandlung vun de Pétitionnaires zum Schutz fir d'Kand wor do symptomatesch. Déi elektronesch Ennerschrëfte goufen unerkannt, déi manuell Ennerschrëfte goufen net unerkannt. Dat ass an der Tëschenzäit geännert ginn, mä och do hat ech den Androck, datt d'Zil war, nëmme keng öffentlech Unhéierung ze hunn, nëmme keng Diskussioun iwwert de Fong vun der Saach.

An ech muss do soen, och do huet d'CSV e Rôle gespillt, well d'Petitionskommissioun wor ënner hirer Presidentschaft an et ass net derzou komm, eng öffentlech Unhéierung vun deene Leit ze erméiglechen.

Dann, dat juristescht Argument, wat de Rapporteur évoquéiert huet, datt eng Insécurité juridique do kéint entstoën, datt ass sécher. An ech mengen, wann een dann d'Gesetz géif reforméieren, misst een derfir suergen, datt déi Rechter vun deene Leit, déi ënnert der ablécklecher Gesetzgebung zivilrechtlech Schrëtt geholl hunn, datt déi Rechter respektéiert bleiwen.

Mä ech wëll e puer Kloerstellunge maachen. Wourëm geet et am Bestietnis? D'Bestietnis ass net d'Unerkennung vun all Form vu Léift duerch de Stat. Et steet dem Stat net zou, eng Form vu Léift unzëerkennen. Well wann en dat mécht, dann hu mer nämlech déi Diskussioun, déi mer och elo an den USA kréien, datt verschidde Leit, déi polygam liewen, polyandresch liewen, och elo gär hätten, datt si déi Familljerechter kréien.

An et ass logesch. Ech mengen, wann dat de Raisonement hannert dem Bestietnis ass, wann een dervun ewechgeet, fir ze soen, d'Bestietnis ass déi Institutioun, déi d'Kärzell vun der Gesellschaft am Sënn vun hirer Durabilitéit, am Sënn vun der Procréation soll protegieren, jo da kënn een och op aner Fuerderungen noutgedrongen.

An dat Zweet ass den Intérêt supérieur de l'enfant. Dat heescht eng kohärent Filiatioun, eng Généalogie, datt all Kand weess, wou et hierkënn, an datt et och déi Méiglechkeet huet beim Opwuessen, sech bei Fra a Mann kënnen ze identifizéieren oder ze differenzéieren, an datt et déi Méiglechkeet huet, sech un deenen zwee geschlechtliche Poler ze orientéieren.

Wat huet sech da geännert? Et ass jo esou dacks gesot ginn: «Et kritt jo keen eppes ewechgeholl, wa mer dat Homosexuellebestietnis aféieren.» Ma éischstens, d'Kanner hunn déi Méiglechkeet verluer - déi eben an deene Situatiounen opwuessen -, fir kënnen bei Papp a Mamm opzewuessen. Ech gi jo och zou, well dat Argument gëtt vläicht gesot, datt et Ausnahmesituatiounen ginn, wéi bei Wittleit an esou weider an esou virun, bei gescheete Kop-

pelen heiansdo och. Mä et ass jo keng ideal Situatioun, déi de Stat soll erbäiféieren, hei schwätze mer iwwer eppes, wat de Stat bewosst erbäiféiert.

Et gëtt och ewell ëmmer méi Témoignagen, an zemools an Amerika, well dat Beispill genannt ginn ass, vu Leit, déi bei homosexuelle Koppen opgewuess sinn an déi awer soen, datt si natierlech hir Elteren, also dat Puer, wat se erzunn huet, respektéieren an och gär hunn, mä datt se awer eppes vermësst hunn, datt se verlaangeren no Mamm a Papp.

An ech mengen, datt ass nämlech ganz wichteg, wann een iwwert d'Wuel vum Kand schwätzt, fir ze kucken: Wéi geet et deene Kanner dann, déi an deene Situatiounen opgewuess sinn? Den Här Braz hat d'lescht Joer hei gesot, den Official Journal of American Pediatrics (veuillez lire: Official Journal of the American Academy of Pediatrics), vun de Kannerdokteren, deem hätt do behaapt, dat wär net esou. Ech hunn dat natierlech nogekuckt an et gëtt do Artikelen fir déi eng Säit a fir déi aner Säit.

An ech muss och soen, d'Kollege vun der CSV haten eng Motioun do d'lescht Joer déposéiert, wou se gesot hunn, «considérant dès lors que le caractère préjudiciable d'une adoption pour un enfant ne dépend pas de l'orientation sexuelle de son ou de ses parent(s) adoptif(s)». Och dat, mengen ech, léisst sech, wann een objektiv déi Sourcé kuckt, déi am Abléck an ëmmer méi zirkuléieren, net halen.

Dat Zweet, wat verluer gaangen ass, datt ass déi Notion Papp a Mamm am Code civil. Mir hunn déi biologesch Elterenschaft aus engem vun eise wichtigste Gesetzer erausgeholl, fir se duerch eng sozial Konstruktioun ze ersetzen. Dat kann eis net egal sinn, datt déi Begrëffer vu Papp a Mamm mat allem, wat do matschwéngt a matbedeit, fort ass.

Dat Drëtt ass, datt manner Länner Lëtzebuerg Kanner gi fir eng Adoptioun, well verschidde Länner keng Kanner fir eng Adoptioun a Länner ginn, déi dat Homosexuellebestietnis akzeptéieren.

Dat Véiert ass, datt eis Meinungsfreiheet - dat ass eppes ganz Allgemenges - ëmmer méi a Gefor geréit, wann een déi hei Saache kritiséiert. An do huet den European Council on Tolerance and Reconciliation elo e Pabeier virbereet, wat och an der Diskussioun ass, wou eng Kritik géint iwwer dësem Homobestietnis an aneren Evolutiounen an deem Beräich soll mat penale Sanktiounen beluecht ginn. Mir müssen also och oppassen, datt d'Meenungsfreiheet an dësem Kontext voll erhalen bleift.

An dann, den Haaptpunkt ass dat, wat mer gesinn, wat mat de Kanner geschitt. An d'Kanner ginn ëmmer méi zu engem Objet de droit an net méi zu engem Sujet de droit. Si gi kommerzialiséiert. É Kand haut gëtt zu eppes gemaach ëmmer méi, et gëtt en Objet vun engem Kontrakt an et gëtt mat Kanner gehandelt, a verschiddenen Hisiichten.

Déi evidentst Beispiller sinn natierlech d'PMA, also d'Procréation médicalement assistée, an d'GPA, also d'Gestation entweder par autrui oder pour autrui, jee nodeem, wéi een et da gesäit, mä wou een... Déi zwou Saachen hu mir als ADR konsequent och wëlle mat engem Gesetz oder mat enger Gesetzesproposition begleeten, fir de Schutz vum Kand maximal ze garantéieren.

Vläicht iwwert d'GPA, fir unfanfken, also eng Fra, déi fir eng aner Fra e Kand ausdréit, do gëtt et och verschidde Varianten, ech ginn elo net an den Detail. Mä erschreckend ass ze gesinn, wéi eng Exploitatioun vun der Fra eigentlech do virgeholl gëtt an och, wéi d'Kand do als Objet geholl gëtt. Mir hu jo elo Fäll gehat, wou e Kand iwwer eng GPA bestallt ginn ass, also en Objet de commerce, a wou dann d'Kand net ofgeholl ginn ass, well et behënnert war bei der Gebuert.

Ech mengen, mir müssen eis bewosst ginn, datt mer un enger Gesellschaft amgaange sinn ze schaffen, déi eugenesch gëtt, dat, wat mer an deene faschistesche Regimier zu Recht kritiséieren, an datt mer de Mënsch deshumaniséieren. Mir maachen en zu engem Objet de commerce. A wa mer an dëser Entwécklung viruginn, da mussen mer eis dach all froen, a besonnesch - a besonnesch! - déi Parteien, déi sech awer op chrëschtlech Wäerter beruffen, wéi wäit eis dat do féiert. Ass dat dat Mënschebild, wat mer gär hätten, datt ee muss katalogméisseg gewëssene Kritären entsprechen, fir nach kënnen akzeptéiert ze ginn?

Et ass och erschreckend, wann ech gesinn, wéi Servicer wéi de Centre Hospitalier iwwert d'GPA schwätzen, wa gesot gëtt, et wär jo «médicalement défendable», seet de Centre Hospitalier oder eng Doktesch, déi do schafft: «Une mère porteuse indienne obtient de quoi éduquer ses propres enfants jusqu'à leur majorité.» An domadder wär dann alles gerechtfertigt, wat do geschitt.

Mat der PMA gi mer op ähnlech Weeër, also mat der Procréation médicalement assistée. Mir hunn hei de Centre Hospitalier vu Lëtzebuerg, fir lech ze weisen, wéi d'Situatioun ass. Déi produzéieren - ech muss dat Wuert gebrauchen - jo elo scho Kanner fir lesbesch Koppen. A si hunn eng Proposition de loi, hir Propositionen eragereecht, wou se soen, fir d'Patientin bis zu engem maximalen Alter bis 45 Joer, a fir hir Partnerin - et ass jo och fir lesbesch Koppen - bis zu engem maximalen Alter vu 65 Joer soll dat méiglech sinn. A wou dann den Alter iwwer 65 Joer ass, misst e Comité d'éthique gefrot ginn.

An iwwert déi surnuméraire Embryonen, a mir schwätzen hei vu Mënschen, Embryone si Mënschen - an ech mengen, datt awer net nëmmen d'ADR-Deputéiert heibannen dat esou gesinn, mä vläicht och nach anerer -, déi ginn einfach, déi surnuméraire sinn, fir déi gëtt einfach recommandéiert: «la destruction des embryons» oder «le don des embryons à un autre couple».

Ech kéint nach méi wäit goen, mä ech wëll lech hei illustréieren, datt déi Entmënschlechung, déi Kommerzialiséierung hei am Land scho voll amgaangen ass! Mir maachen u sech an der PMA eppes, mir erzéien, an als Stat maache mer dat duerch dëst Gesetz, duerch déi Adoptiouns-méiglechkeet: Mir fabrizéieren, mir erlaben d'Fabrikatioun, och wa mer et net oppe soen, mä dat ass d'Realitéit, vu Weesekanner, vu Kanner, déi ni hire biologesch Papp kënnen kenneléieren, ni bei hirem biologesch Papp kënnen opwuessen! An dat ass e Resultat vu staatlech gelenktem Handeln als Widdersproch zu allen ethesche Prinzipien. Mir produzéieren d'Leit, déi ni kënnen eng Généalogie hunn, déi ni eng Filiatioun hunn an déi ni eng Méiglechkeet hunn, en Elterendeel kennenzeléieren.

Dofir ass et an eisen Aen och wichteg, fir dës Debat als Geleeënheet ze huelen, fir och ze soen: Ma, da loosse mer dach oppasse bei der GPA; den ORK, den Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand, wou ech net weess, wéi déi aktuell Kompositioun vun deem Comité den Numm iwwerhaupt ka justifiéieren! Dann ass de Problem da gestallt vun deenen... Well et gëtt jo och elo Leit, déi Kanner am Ausland iwwer eng GPA ausdroe loosse, an da gëtt gesot: Jo, wat maache mer da rechtlech mat deenen, wa se kommen? A well déi Nullitéit am Code, also vun der rechtlecher Unerkennung, ka vläicht Nodeeler fir d'Kand hunn, mussen mer awer higoen an da Schrëtt setzen.

Dat ass extrem geféierlech. Well u sech maache mer och do eng Dier op fir d'Generalisatioun vun enger Praxis, déi weder de Respekt virun enger Fra weist, nach virum Kand.

Mir schafen - dat Gesetz ass jo och e bësse gemaach ginn am Hibleck, fir ze soen: Ma mir müssen d'Diskriminatiounen eliminéieren tëschent heterosexuellen an homosexuelle Koppen -, mä mir schafen Diskriminatiounen! Diskriminatiounen tëschent Kanner, tëschent deenen, déi bei zwee Geschlechter opwuessen an deenen, déi déi Chance net kréien. Mir schafen eng Parenté d'intention par rapport zu enger Parenté biologique. An haut kënnen mer nach guer net ofschätzen, wat et heescht, fir kënnen ze soen zu engem bestëmmte Punkt: Ech wëll Kanner oder ech wëll net méi Kanner, a wat dat alles fir Konsequenzen huet fir déi Kanner, wa se dann eng Kéier net méi gewollt sinn, an enger Scheedungssituatioun oder an aneren.

Ech mengen, et ass e moraleschen Optrag vun der ADR an, ech mengen, och vun anere verantwortungsvolle Politiker an anere Parteien, fir sech wierklech ze wieren. Net, well dat soll eppes si géint déi homosexuell Leit, dat ass net de But. Et ass keng Diskriminatioun, wou en Homosexuelle viséiert ass, mä et ass e Mënschebild, et ass eng Dignitéit vum eenzelne Mënsch, vun der Fra an der GPA a vun all Kand. Mir wëlle keng Kanner fabrizéieren a mir wëllen all Kand akzeptéieren, och déi behënnert Kanner an och déi, déi a schwierige Situatiounen liewen, an dat net nach fërderen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Kartheiser. Just wann Der erlaabt, Här Kartheiser, eng kleng Kloerstellung zu der Reglementéierung, déi mer sengerzäit iwwert d'Petitioun haten: Dass mer keen öffentlechen Hearing gemaach hunn, war net e politesch Manöver, mä war eng Reglementéierung, déi deemools a Kraaft war an déi herno eréischt geännert ginn ass, wou mer déi schrëftlech Ennerschrëften op Pabeier mat berücksichtegt hunn.

Ech wollt dat just präziséieren, dass et sech dobäi net ëm e politesch Manöver gehandelt huet, mä just ëm eng Applikatioun vun der deemoleger Prozedur bei der Petitioun.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR), *auteur*.- Här President, därf ech just dorobber äntwerthen?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, selbstverständlech.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR), *auteur*.- Här President, ech soen lech Merci fir déi Clarificatioun. Ech respektéiere selbstverständlech d'Interpretatioun, déi Der mer do gitt. Ech menge just, datt et awer méiglech gewiescht wär mat e bësse politeschem Wëllen a vu datt d'Ziel vun den Ennerschrëfte wäit iwwert där erfuerderter Ziel war, wann een déi manuell Ennerschrëfte mat respektéiert, ech mengen, et wär ouni Problem méiglech gewiescht, a vu d'Gravitéit vun där Diskussioun, fir eng öffentlech Diskussioun trotzdeem zouzeloossen.

Ech soen lech trotzdeem Merci fir dee Rappel, deem Der mer gemaach hutt iwwert déi deemoleg Prozedur, déi awer an der Tëschenzäit jo geännert gouf.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An d'Wuert huet dann elo den Här Léon Gloden.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Merci, Här President. D'Argumenter iwwert d'Form sinn am Fong schonn an där Debat virdrun iwwert déi éischt Proposition de loi gesot ginn. Erlaabt mer awer kuerz, och nach op d'Form anzugehen. Dat ass bis elo hei nach net esou diskutéiert ginn.

Déi éischt Etapp, iwwert déi mer jo hei diskutéieren, ass eng Proposition de loi, also iwwer en Initiativrecht vun engem Deputéierten. An et ass keen hei am Sall, mengen ech, deen engem Deputéierten dëst Initiativrecht, wat jo fest verankert ass an eisen Texter, oferkennt. Et ass e Recht, mat deem mir als Deputéiert kënnen politesch Initiativen op den Dësch bréngen, an d'Diskussioun, an de Forum politique vun dësem Land.

Wann ech e Recht hunn, hunn ech awer och eng Pflicht: eng Pflicht, dëst Recht - wéi soll ech soen? - würdeg ze exercéieren. An den Här Bodry ass drop agaangen: D'Gesetz iwwert de Mariage - a mir vergiessen ëmmer, datt et jo net nëmmen iwwert den Homomariage war, mä et ass eng global Reform vum Mariage - ass den 18. Juni an dësem Haus gestëmmt ginn. An d'Proposition de loi ass vum Auteur een Dag virdrun deponéiert ginn. Wann ech also wëll als Deputéierte mech politesch an d'Diskussioun erabrénge, objektiv an eng Diskussioun erabrénge, da muss ech natierlech vun dësem Recht vill éischer Gebrauch maachen, well soss bleift awer e bësse Populismus un dëser Initiativ pechen.

Mir liewen an engem Regime vun der Démocratie parlementaire. An et ass och an der éischer Debat hei iwwert déi éischt Proposition gesot ginn: Et wor kloer, wéi all Parteien zu dem Homomariage géife stoen. Et wor an de Wahlprogrammer festgeluecht gi vun deene verschiddene Parteien. A meng Partei huet sech och zu dem Homomariage bekannt.

Wann ech als Partei géint eng Meenung sinn, géint e Projet de loi, hunn ech natierlech d'Recht, dat hei op der Chambertribün ze soen. Mä ech mengen, et ass éischer an deem Kader, wou ech dann déi Argumenter muss virbrénge, wéi just een Dag virum Vote vun engem Gesetz eng Proposition de loi ze deponéieren. Et ass och dat, wat de Statsrot a sengem Avis gesot huet.

Zum Referendum, well dat wier jo dann déi zweet Etapp, wann dës Proposition de loi géif hei am Haus gestëmmt ginn: Do sinn ech awer och e bësse verwonnert iwwert de Point de vue vun der ADR, well an der Debat iwwert de Referendum huet d'ADR och ëmmer gesot, mir bräichte kee Referendum iwwert déi dräi Froen, well et eben Theme wieren, déi kloer wieren. An ech mengen, och hei ass dat Argument ze gebrauchen, well et war kloer, wéi d'Positioun vun deene verschiddene Parteien war.

D'Argument vun der Sécurité juridique, wat de Rapporteur och schonn hei duergeluecht huet, kann ech och honnertprozenteg ënnerstëtzen. Ech wëll elo net méi erëm op de Fong agoen. Erlaabt mer just, zwee Sätz zum Fong ze soen, well d'CSV jo och elo e puermol hei vum Auteur genannt ginn ass.

An der Debat iwwert d'Reform vum Mariage hat ech op dëser Tribün gesot: Mat wat fir engem Recht lehne mer dat Recht of, wat déi meescht vun eis fir sech an Usproch huelen, fir eng Famill ze grënne? An do, Här President, kann ech dem Här Kartheiser net recht ginn. Et ass eng Fro vun Diskriminatioun oder Netdiskriminatioun. Den Här Kartheiser probéiert permanent, vun där Plattform vun der Diskriminatioun ofzewäichen. Mä et wier eng Form vun



Diskriminatioun gewiescht, wa mer de Mariage homosexuel net legaliséiert hätten.

D'ailleurs huet virun e puer Deeg d'US Supreme Court, wat jo elo wierklech net als e progressistescht Tribunal, mä éischter als e konservativt Tribunal dobausse gëllt, sech am Fong der Meenung vun der Majoritéit vum Lëtzebuerger Parlament ugeschloss.

(Hilarité)

Ech wéilt ofschléissen,...

(Interruption par M. Alex Bodry et hilarité)

Här President, ech hat elo d'Chance, de leschte Freideg bei mir an der Gemeng den éischte Mariage homosexuel ze zelebréieren. An ech muss soen, et war e besonnesche Moment an ech hunn dat och an der Ried gesot. Et war e besonnesche Moment fir d'Koppel an et war och e besonnesche Moment fir d'Zivilgesellschaft vun der Maacher Gemeng an deem Fall. A mir als CSV sinn houfreg, datt mer dat Gesetz matgestëmmt hunn. Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Gloden. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Lydie Polfer.

► **Mme Lydie Polfer (DP).** - Här President, Dir Dammen an Hären, léif Kolleegen, wéi d'lescht Joer - den 18. Juni war et - dës Chamber mat 56 Stëmme géint 4 Stëmmen de gläichgeschlechtliche Mariage adoptéiert huet, du war dat e Moment, dee wierklech zur Eier vun dëser Chamber a vun eiem Land bägedroen huet. Jo, et ass e sensibele Sujet, mä mir haten et fäerdegbruecht, fir dee Sujet wierklech an Dignitéit hei ze diskutéieren an duerno ons Décisioun ze huelen.

An ech wier am Fong och frou gewiescht, wa mer dobäi bliwwen wieren. Well ech hunn eng ganz Rei där Bestietnisser an deene leschte sechs Méint gehalen. An ech kann nëmmen d'Dankbarkeet témoignéieren, déi déi Leit dee Moment empfonnt hunn, déi oft während Jorzénge zesumme waren - jo, eng Koppel hat ech, déi ass 49 Joer zesumme gewiescht -, wou déi sech endlech ganz offiziell konnten zu hirem Partner bekennen a wou dat si mat ganz vill Freed erfëllt huet. Mä net nëmme si, och hir Familljen an och hir Frënn. Jo, dat ware ganz besonnesch Momenter.

An ech froe mech am Fong wierklech, wann een dat do matgefillt huet a gesinn huet, wien een ass oder wien ee mengt ze sinn, datt een iergendengem Mënsch, iergendenger Koppel déi do Freed net kéint vergonnen oder hir se wéilt ofspriechen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Lydie Polfer (DP).** - An dofir sinn ech ganz houfreg och nach haut iwwert dee Vote, dee mir d'lescht Joer geholl hunn an zu deem mir stinn. An ech wéi dofir op de Fong vun där Diskussioun och guer net méi agoen. Well - an ech si ganz mat deem d'accord, wat de Léon Gloden elo gesot huet - wann et wierklech drëm gaange wier, fir d'Leit ze befreien a fir e Referendum ze kréien, dann hätten déi do Initiative vill méi fréi misse geholl ginn.

Ech mengen, et war einfach hei de Versuch, nees eng Kéier e Sujet opzegräifen, woubäi verschidde Leit dat natierlech kënnen aneschtens empfangen, mä wat e sensibele Sujet ass a wou et einfach de Moment nees war, fir kënnen seng Vuen, déi natierlech ganz - a Gott sei Dank! -, ganz minoritär hei an der Chamber sinn, virzebréngen. Dat fannen ech keng glécklech Hand.

Ech wéll mech dofir einfach weider driwwer freeën, datt mer hei de Leit gehollef hunn, sech wierklech zu hirem Partner ze bekennen. Domat wéll ech schléissen an ech soen natierlech, datt d'Demokratesch Partei där Proposition de loi hei net kann zoustëmmen. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madame Polfer. An den nächste Riedner ass de Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech wéll fir d'Éischt dem Alex Bodry Merci soe fir säi Rapport. Dee Rapport huet déi Diskussiounen esou erëmginn, wéi se an der Kommissioun gefouert gi sinn, soudatt ech och mengen, um Inhalt näischt kënnen aussetzen. Datt een eng aner Meenung huet, dat ass erëm eng aner Geschicht, mä ech mengen, de Rapport huet den Inhalt esou erëmginn, wéi en an der Kommissioun gelaf ass. Ech soen och Merci dem Här Gloden an der Madame Polfer fir hir Bäitrag hei, déi mech och beréiert hunn an déi ech ganz korrekt fonnt hunn.

Den Auteur vun der Proposition de loi 6699 beschreift a sengem Exposé des motifs virun allem, firwat hien e fervente Gëigner vum Mariage vu gläichgeschlechtliche Koppelen ass. Ech deelen déi Vue vum Auteur vun der Proposition de loi net. Ech deelen och net dat Bild, wat hie vun der gesellschaftlecher Entwécklung opzechent. An ech fanne seng Argumentatioun och net esou logesch, wéi hie se wahrscheinlech selwer féint.

Ech fannen et och net glécklech, wann een esou komplex Sujete wéi d'Gestation pour autrui oder d'Procréation médicalement assistée op déi heite Proposition de loi bezitt, well déi Debat geet jo wäit iwwer eng Debat iwwer homosexuell Koppelen eraus. Ech mengen, datt d'Adoptiounen e ganz komplexen Dossier sinn, an ech gesinn och net de Raum hei an där Stellungnahme zur Proposition de loi, fir dorop anzegoen.

Ech muss awer feststellen, datt et schonn ëmmer Leit gi sinn, déi anere Leit wollte virschreien, mat wem a wéi se sollten zesummeleien. Haut schénkt zum Beispill d'Iddi - wann ech e bëssen an d'Vergaangenheet ginn -, datt ee sech géint de Mariage stellt vu Leit, déi aus verschiddeenen Ethnie kommen, éischter onverständlech. Mä nach an den 80er Jore war d'Halschent vun de Brite géint esou e Mariage. Milliounen Engländer - ech beruffe mech hei op eng englesch Etüd - waren iwwerzeegt, datt et grausam wier, wa Leit vu verschiddener Hautfaarf géife Kanner an d'Welt setzen. An nach an den 90er Joren hu sech eng 40% vun de Leit géint interethnesch Mariagen ausgeschat, bis deen Taux dann haut op 15% gefall ass.

Haut gi mer - zu Recht - dervun aus, datt een Débat iwwert de Mariage interethnique illegitim ass an datt et d'Limite vun deem iwwerschreit, wat politesch diskutabel ass. Ech hunn en Artikel am „Guardian“ gelies - neen, ech wéll mech elo net bretzen, ech liesen net den „Guardian“, mä e war am Courier international -, do ass déiselwecht Argumentatiounschinn gefuer ginn, wéi och den Här Kartheiser se hei zum Deel gefuer ass.

An zwar ginn do déi zwee italesch Stylisten Domenico Dolce a Stefano Gabbana zitéiert, zwee homosexuell Modeschöpfer - ech maache kengem hei de Virwurf, e wier homophob -, déi am März dës Joer an engem Interview gesot haten, si wiere souwuel géint de gläichgeschlechtliche Mariage wéi och géint d'Recht vu gläichgeschlechtliche Koppelen, fir Kanner ze erzeien.

An de Stefano Gabbana hat och nach eng Schépp bäigeluecht a gemengt, datt déi Kanner, déi aus esou enger In-vitro-Fertilisatioun erauswuessen, synthetesch Creature wieren, an hien huet se als Kanner vun der Chemie bezechent. An dat huet a mengen Aen absolut zu Recht zu Entsetzen a Prozess bei enger ganzer Rei anere Kënschtler gefouert, zum Beispill dem Elton John, deen entsat gefrot huet: „Wéi kënnt Dir meng wonnerbar Kanner als synthetesch bezechnen?“

Esou Aussoe wéi déi vun Dolce a Gabbana risikéieren d'Viruerteeler a Ressentimenter vis-à-vis

vun Homosexuellen an hire Kanner ze legitiméieren, an ech setzen esou Aussoe bewosst an de Kontext vun Aussoen zu interethnesche Mariagë vum leschte Jorhonnert.

Här President, datt mir eng aner Meenung hu wéi aner Kolleegen hei an der Chamber, dat gehéiert zum politesche Liewen an dat belieft jo och den Débat. Mir sinn awer virun allem géint e Referendum weinst där Argumentatioun, déi den Auteur och a senger Proposition de loi bréngt, nämlech wou en noweist, wat schonn alles geschitt ass, dee ganze legislative Prozess - en huet dee beschriwwen, wéi dee gaangen ass -, an et ass och schonn hei op den Datum higewise ginn, wéi kuerzfristeg datt déi Proposition de loi komm ass. Ech fannen dat keng glécklech Aart a Weis, fir op deem hei Gebitt Politik ze maachen.

An ech kommen nach zu enger leschter Iwwerleeung. Mir dinn eis als Gréng ganz schwéier domat, fir e Referendum zu Froen ze organiséieren, déi eng Minoritéit betreffen. Fir déi gréng, déi ëmmer nach fir eng partizipativ Approche an der Politik waren, fir eis ass och de Schutz vu Minoritéite wichteg, de Schutz vun deem, deen anescht denkt an anescht leeft wéi de Mainstream. A mir fannen et geféierlech, wa mer per Referendum sollen decidéieren, wéi eng Rechter mer enger Minoritéit vu Leit wéilten zougestoen oder net zougestoen.

déi gréng sinn net bereet, eng iwwer Jorzénge geschafte Kultur vun Toleranz, Humanismus an Dialog iwwer Bord ze werfen. Mir hunn also net nëmmen ee gudde Grond, mä méi gutt Grënn, fir eis géint dës Proposition de loi auszedrücken.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, niewent alle formalen Argumenter, déi kënnen gebraucht ginn an deem Zesummenhang, an zwar, dass et e Gesetz gëtt, wat schonn a Kraaft ass a scho Rechter geschafen huet, fanne mir, dass déi Proposition de loi hei och zu engem anere Moment net opportun wier an och net gerechtfertigt wier.

Mir mengen och, wéi de grénge Kolleeg hei gesot huet, dass een net soll iwwer Rechter vu Minoritéiten eng Ofstëmmung maachen. Mir mengen och net, dass een zu Grondrechter an zu Mënscherechter soll e Referendum maachen. Dat soe mer och ganz daitlech an eiem Verfassungsvorschlag.

Hei geet et ëm de Gläichheetsprinzip, wat e konstitutionelle Grondprinzip ass - haut schonn -, an et gëtt keng Ursach, déi ee kéint motivéieren, fir bei deem Gläichheetsprinzip an deem Fall eng Ausnahm ze maachen.

Iwwregens hu mer vun Ufank un och de Referendum - Dir hutt dat ugeschwat, Här Kartheiser - vum 7. Juni zum Awunnerwahlrecht an deem Kontext bedenklech fonnt, well et och do e Vote war vun engem Deel vun der Bevëlkerung géint en aneren Deel vun der Bevëlkerung. Mir hunn zwar net d'Resultat vun deem Referendum an där Daitlechkeet virausgesot, hunn awer gewarnt virun enger ongesonder Situatioun, déi mer do géife schafen.

Mä ech sinn iwwerzeegt - ech sinn iwwerzeegt! -, dass ënner anere och dee massiven Ausgang vun deem Referendum ze dinn hat mat deem malin Plaisir vu gewëssene Leit, sech zum Souverain opzespillen iwwer en Deel vun hire Matbirger, och iwwregens vis-à-vis vun deene Jonken. A mir wëlle wierklech net, Här President, dass esou e Referendum och géif gemaach gi vis-à-vis vun den Homosexuellen, och wann déi wuel d'Wahlrecht hätten an deem Fall, wat d'Lëtzebuerger ugeet, mä déi trotzdeem eng Minoritéit sinn. An et wier e Referen-

dum, deen an engem Kontext vun enger jorhonnertelaanger Diskriminéierung vun den Homosexuellen an eiser Gesellschaft an och an eiser kathoulescher Kultur stéing.

An duerfir, Här Kartheiser, wéll ech lech wierklech soen: Mir lehne mat Schudderden déi Proposition de loi hei of.

(Interruptions)

An dat huet, wéll ech och soen, näischt ze di mam Problem, deen Der zu Recht opwerft vun der Kommerzialiséierung vun de Kanner, vun der GPA - gestation pour autrui - an esou weider, wat Problemer sinn, déi sech souwisou och fir d'ganz Bevëlkerung stellen, wat reell Problemer sinn, wat ganz problematesch Saachen opwerft, déi nach mussen an enger längerer Diskussioun och hei an der Chamber an Zukunft geléist ginn.

Mä fir dat hei ze vermëschen an där Proposition de loi mat dem Prinzip vum Mariage homosexuel a vun der Adoptioun vun esou Koppelen, dat fannen ech komplett falsch! A mir géifen do déi falsch Akzenter an der Gesellschaft setzen; mir géifen eng Diskussioun do opwerfen an der Gesellschaft, déi all déi Resentimenter an alles, wat domadder zesummenhängt, erëm géif opwullen, och wann Dir hei sot, dat hätt näischt ze di mat Diskriminéierung u sech vis-à-vis vun den Homosexuellen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm a mir géifen zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de loi 6699 iwwergeen.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 6699

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

Mir hu 57 Deputéierter, déi um Vote bedeelegt waren: 3-mol Jo a 54-mol Nee. Domat ass d'Proposition de loi ofgelehnt.

Résultat définitif après redressement: la proposition de loi est rejetée par 3 voix pour et 57 voix contre.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Marcel Oberweis), Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Félix Eischen), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Emile Eicher), Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marc Lies) et Laurent Zeimet (par M. Claude Wiseler);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn (par M. André Bauler), Alexander Krieps (par M. Guy Arendt), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

A mir sinn um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Ech ginn lech Rendez-vous hei am Haus muer de Mëtten um zwou Auer. Merci villmools. An d'Sëtzung ass eriwuer.

(Fin de séance publique à 18.32 heures)



www.ärvirschléi.lu